N°539
Entrée le 26.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.03.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Am Gemengegesetz sinn an den Artikelen 12 an 13 d'Delaien a verschidde Modalitéite festgehalen, wéi de Gemengerot muss zesummekommen. D'Gemengeconseillere gi convoquéiert, mee iwwert d'Form, wéi dëst geschéie muss, ass d'Gesetz allerdéngs net präzis.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. A wéi enger Form kënnen d'Convocatioune vum Gemengerot gemaach ginn? Geet een einfache Mail un d'Adress vum Gemengeconseiller duer oder muss d'Invitatioun per ageschriwwene Bréif gemaach ginn?

2. Wéi gesäit et aus mat der Charge de la Preuve, am Fall wou ee Gemengeconseiller keng Convocatioun kritt?

3. Am Artikel 13 steet: "Aucun objet étranger à l'ordre du jour ne peut être mis en discussion, sauf dans les cas d'urgence."
   Mir ass bekannt, dass verschidde Schäfferéit Punkten ënnert der Form vun enger*Question préalable* oder änleche Forme bäisetze loossen. Geet dëst erlaabt, och wa keng Urgence besteet?

4. Wéi mussen d'Bierger:innen iwwert de Changement vum Ordre du jour informéiert ginn? Muss de Changement virum Ufank vum Gemengerot op der Website veröffentlecht ginn?
   - Wéi laang am Viraus wann et keng Urgence ass?
   - Wéi laang am Viraus wann et eng Urgence ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten